N°3808
Entrée le 13.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 3808 vum 19. Mäerz 2026 vum Här Deputéierten Paul Galles.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Informatiounen zum Projet vum Bau vun der Vëlospist tëscht Klengbetten an Stengefort.

Fro 1: Hunn de Ministère fir Ëmwelt an d'Verwaltung vun de Ponts et Chaussées den involvéierte Bierger all déi Informatiounen zougänglech gemaach, op déi si en Usproch hunn an ugefrot hunn?

D’Stroossebauverwaltung huet d’Detailer vum Projet an enker Ofstëmmung mat der zoustänneger Gemeng ausgeschafft. D’Gemeng gouf och am Kader vum Projet reegelméisseg informéiert a krut all relevant Informatiounen zur Verfügung gestallt.

Am Kader vun esou engem Projet ass et awer net ëmmer méiglech, aus organisatoreschen an zäitleche Grënn all eenzel Phas am Detail mat de Bierger·innen ofzestëmmen. D’Objektiv ass awer, d’Awunner·innen fristgerecht an op eng ugepasste Manéier iwwer déi wichtegst Etappen an d’Weiderentwécklung vum Projet ze informéieren.

Zousätzlech gouf eng Vertriedung vun den direkt betraffenen Awunner·inne vun der Stroossebauverwaltung empfaangen, fir konkret Froen ze beäntweren an Erläuterungen zum Projet ze ginn.

Et sief och ze bemierken, dass all schrëftlech Ufro vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten souwéi dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit beäntwert gouf.

Fro 2: Ass et korrekt, datt déi zoustänneg Acteuren eng gemeinsam Versammlung mat den Awunner ofgeleent hunn, an där d'Elementer vum Projet am Detail hätte kënnen diskutéiert ginn?

Hei ass op d’Äntwert op d’Fro 1 ze verweisen.

Fro 3: Goufen am Virfeld all néideg Etüde gemaach, fir Schied un der Ëmwelt an der Gesondheet vun de Bierger auszeschléissen? Sinn d’Risiken duerch d’Materialie vum alen Zuchtracé, wéi z.B. al Schwellen, déi mat Kreosot behandelt goufen, analyséiert ginn?

Als éischt ass ze preziséieren, dass d’hëlze Schwellen, déi well zënter e puer Joerzéngten am Beräich vun der fréierer Eisebunnsstreck leien, am Kader vum Projet komplett ewechgeholl ginn. Doduerch gett secher gestallt datt dei aktuell Situatioun sech emwelttechnesch verbessert par rapport zou engem Status quo wou neischt geif amenageiert gin.

Am Virfeld vum Projet goufen all noutwendeg Buedemanalysen an Etüde vun engem spezialiséierten Etüdebüro laanscht de Verlaf vun der zukünfteger Vëlospist duerchgefouert.

D’Ëmsetzung vun den Aarbechten erfollegt am strikte Respekt vun de Conclusiounen aus deenen Etüde souwéi vun de virgeschriwwenen Oplagen an technesche Contrainten.

Op Basis vun de geplangte Moossnamen a vun den Analyse kann dovun ausgaange ginn, dass keng negativ Auswierkungen op d'Awunner·innen ze erwaarde sinn, besonnesch wat d'Oflafe vun Nidderschlagswaasser (och bei Starkreenevenementer) oder Kontaminatioun ugeet.

Zudem sierf drop hingewisen datt den Ballast nach ofgedicht gëtt duerch eng duebel Membran aus Geotextil matt Bentonite waat och erem eng deitlech Verbesserung vun der aktueller Situatioun duer stellt. Et gett nämlech hei eng Barriere vir Schuedstoffer gemeet nom Prinzip vun enger physikalescher Spär.

All néideg Precautiouns- a Schutzmoossname ginn dobäi konsequent ëmgesat.

<u>Fro 4: Ass assuréiert, datt dobäi all d'Mesuren an d'Krittäre vum Bautereglement agehale ginn?</u>

Fir de Projet läit eng gülteg Baugeneemegung vir, déi no de gëltege gesetzleche Bestëmmungen ausgestallt gouf.

<u>Fro 5: Sinn d'Acteuren sech de Risike bewosst, déi den Ausbau op d'Oflafe vum Uewerflächewaasser kéint hunn, absënns mat Bléck op d'Gefor vun Iwwerschwemmunge bei Staark- oder Dauerreen?</u>

Hei ass op d'Äntwert op d'Fro 3 ze verweisen.

<u>Fro 6: Kann ausgeschloss ginn, datt de fréieren Eisebunnstalus duerch d'Bauaarbechten onstabil gëtt an d'Gefor vu Äerdrutschungen entsteet?</u>

D'Vëlospist gëtt um Niveau vun der fréier Eisebunnsstreck ugeluecht, soudass keng Instabilitéit an och kee Risiko vu Rëtschungen ze erwaarden ass.

<u>Fro 7: Sinn am Kader vun dësem Bauprojet spezifesch Kompensatiounsmoossname virgesinn?</u>

All Oplagen, y compris déi konkret Kompensatiounsmoossnahmen, déi am Kader vun der Naturschutzgeneemegung definéiert goufen, ginn integral respektéiert a konsequent ëmgesat.

<u>Fro 8: Wier et net am Sënn vun der Transparenz noutwendeg, d'Awunner scho virum Start a virun all weiderer Phas vum Projet iwwer d'Detailer vun den Aarbechten ze informéieren?</u>

Hei ass op d'Äntwert op d'Fro 1 ze verweisen.

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes